

1014

Et ass esou décidéiert.

Wann Dir d'accord sidd, da géife mer mam Averstännis vum Här Minister a vum Berichterstatter elo de Projet de loi 4611 virhuelen. Dat ass eng Konvention. Da géife mer uschléissend zum Projet de loi iwwert den Ajustement kommen.

Sidd Dir domat averstanen?

(Assentiment)

Ech ginn dann d'Wuert un de Berichterstatter, den Här Norbert Hauptert.

3. Projet de loi 4611 portant transposition de la directive 98/26/CE concernant le caractère définitif du règlement dans les systèmes de paiement et de règlement des opérations sur titres dans la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier et complétant la loi du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Nobert Hauptert (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4611 ass net esou interessant wéi deen iwwert d'Plus-valuen, mä en ass trotzdem awer net manner wichteg, well en et eis wäert erlaben, datt eis Finanzplaz och an Zukunft nach besser a geuerdnet ka funktionéieren, wat et eis dann och erlabe wäert, datt mir an Zukunft nach iwwer Plus-valuë kënnen diskutéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Transferte vun de Suen a vun de Wäertpabeieren tëschent de Banken an anere Professionelle vum Finanzsektor geschéie scho säit laanger Zäit duerch d'Kompensation vu géigesäitege Scholden a Scholdfuerderungen, wou um Enn vum Dag nëmmen den Nettosold vum engem zum aneren iwwerwise gëtt. Am nationale Geldverkéier huet den Austausch am Kader vum enger deeglecher Réunioun tëschent de Responsabele vun de jeweilige Banke vun eiser Finanzplaz stattfonnt.

Mat der Liberalisatioun vun de Kapitalmäert an der fräier Circulatioun vum Geld, hunn déi Transferte sech multiplizéiert an implizéieren net nëmme méi d'Banke vun der nationaler Finanzplaz, mä d'Banke vun der gesamteuropäescher Unioun a souguer d'Banke vun der ganzer fräier Welt. Och treffen am Zäitalter vun de modernen Technologien déi Responsabel vun de Banke sech net méi eemol am Dag, fir hir Situatiounen ze begläichen, mä d'Transferten an d'Nettosituatiounen gi permanent enregistréiert an dat 24 Stonnen op 24.

D'Expansioun vun de Geld- an de Wäertpabeiertransferten huet eng Harmonisatioun vu verschiddene Regeln, déi virun allem de Moment festleeën, wou en Transfert als definitiv betruecht muss ginn, noutwendeg gemaach. Wann déi Regeln net harmoniséiert ginn, dann ass eng geuerdnet Regelung vum Transfert net méiglech, besonnesch an deem Fall, wou eng Bank, déi am System implizéiert ass, a finanziell Schwierigkeete geréit a géint déi eng Procédure d'insolvabilité ageleet gëtt.

Dës ass den Objet vun der Direktiv, déi duerch de Projet, deen hei virläit, an eist Gesetz soll transposéiert ginn. Déi wichtegst Prinzipien, déi d'Direktiv festleet, respektiv ofschaaft, sinn:

1. d'Irrévocabilité vum engem Transfert, dee vum Zuelungssystem acceptéiert gouf;
2. d'Ofschafe vum Prinzip vun der Réckwierkung vum enger Faillite op d'Stonn null vum deem Dag, wou se ugefrot gouf;
3. d'Dérogatioun zum Prinzip vun der Universalitéit an der Unitéit vun der Faillite.

D'Direktiv gesäit vir, dass déi Systemer, déi nom Prinzip vun der Kompensation funktionéieren, den Agrément bei den zoustännegen nationalen Instanzen - bei eis ass dat de Finanzminister - kënnen ufroen, awer net müssen. Am Fall, wou se den Agrément net hunn, fale se net ënnert d'Bestëmmunge vun der Direktiv an hir Transferte genéissen also net déi néideg Garantien, déi an der Direktiv virgesi sinn.

D'Chambre de Commerce an de Statsrot hunn de Projet begréisst an en Avis favorable ofginn. D'Lëtzebuerger a besonnesch déi europäesch Zentralbank hu méi en nuancéierten Avis ofginn. Si hu besonnesch eng Iwwerschneidung vun de Kompetenzen vun der Commission de surveillance du secteur financier an den nationalen Zentralbanke kritiséiert. Doropshin huet d'Regierung de Projet amendéiert, andeem se d'Commission de surveillance du secteur financier nëmme mat der Iwwerwaachung vun deene Systemer beoptraagt huet, an deenen d'Lëtzebuerger Zentralbank net implizéiert ass.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt ofschléissend dem Direkter vum Trésor villmools merci soe fir seng opschlossräich Erklärungen zu dësem Projet, déi mäi Verständnis dozou wäitgoend erlichtert hunn.

D'Finanz- a Budgetkommissioun huet an hirer Sitzung vum 8. Dezember dëse Rapport ugeholl an der Chamber recommandéiert, dëse Projet ze acceptéieren. Heimat bréngen ech och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu dësem Projet.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, no den Explicatiounen vum Här Hauptert kann ech d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu deem Projet do bréngen.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt am Numm vun der Demokratescher Partei dem Rapporteur merci soe fir säin ausféierleche Bericht an och gläichzäiteg d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun bréngen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, am Numm vun eiser Fraktioun wëll ech mech mengen zwee Virriedner uschleissen an och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun bréngen.

M. le Président.- Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wëllt am Numm vu menger Fraktioun dem Här Hauptert merci soen, datt e sech ëmmer bereet erkläert, fir bei deene komplizéierten technesche Projeten de Rapport ze maachen, a soen, dass mir natierlech dëse Projet hei stëmmen.

M. le Président.- Gutt! Dann huet elo den Här Minister Luc Frieden d'Wuert.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, bei esou vill Zoustëmmung vum Parlament ass et net um Minister, fir op eemol alles op d'Kopp ze geheien.

Ech muss awer soen: Et soll een d'Wichtigkeet vun de Projets de loi net onbedéngt un der Längt vun der Diskussioun moossen, ganz am Géigendeel, well dat hei ass en net nëmme komplizéierten, mä och ganz wichtige Projet fir eng Finanzplaz, well wann d'Systèmes de payment net funktionéieren, wann do déi richteg Kontrollorganer net mat deene richteg Regeln agesat ginn, da bréngt dat gréisser Schwierigkeiten.

Dofir, géif ech soen, ass d'Dankbarkeet méi grouss fir déi Zäit, déi se iwwert dee Projet schwätzt. Ech géif gär den Finanzkommissioun an dem Här Hauptert als Rapporteur villmools merci soe fir hir Aarbecht an dem Parlament, datt et dëse Projet stëmt. Wéi gesot, et ass e ganz wichtige Projet fir de Funktionement vun der Finanzplaz.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen elo zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4611 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwert de Projet de loi 4611.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Willy Bourg), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par Mme Simone Beissel), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer et Théo Stendebach (par M. Jeannot Belling);

MM. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4719 iwwert d'Upassung vun de Pensiounen an Unfallrenten. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt. Et hu sech fir d'Diskussioun schonn ageschriwwen: déi Häre Glesener, Lux, Krieps, Gibéryen, Bausch a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Niki Bettendorf.

4. Projet de loi 4719 portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 1999

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Niki Bettendorf (DP), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, a menger Qualitéit als Rapporteur presentéieren ech lech de Rapport, dee mir an der Kommissioun vun der Sécurité sociale zréckbehalen hunn.

Ech betounen hei: Et ass d'Kommissioun vun der Santé an der Sécurité sociale, an net, wéi an der éischter Iwwerschrëft vum Rapport festgehal gouf: „rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi“. Dat ass dem Här Marcel Glesener seng Kommissioun. Déi huet eng Stonn virdru getaagt a sech ëm de Projet iwwert d'Modificatioun vum Salaire social minimum bekëmmert, dee muer Donneschdeg hei am Plenum diskutéiert gëtt. Hei wollt eis de Computer eng kleng spillen, mä an der Tëschenzäit ass och dese klengen lertum redresséiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, an de Préliminaire schwätze mer iwwert d'Datummer, wéini de Projet an der Chamber deposéiert gouf, wéini mir getaagt hunn a wéini mer den Avis vum Conseil d'Etat kruten. Hei muss ech ervirsträichen, dass d'Kommissioun net frou war, dass se nach huet misse während enger Chambersitzung zesummekommen, fir dass de Projet nach kann elo am Dezember gestëmmt ginn an domat d'Bénéficiaire vum 1. Januar 2001 un an de Genoss vun deem Ajustement kënne kommen.

Dës Aart a Weis fir ze schaffe war zwar och déiselwecht virun zwee Joer, viru véier Joer an och nach virdrun, mä an der Kommissioun ware mer der Meenung, haut am Informatiounszäitalter kéinten d'Berechnungen och e Mount éischter fäerdeg sinn an domat de Projet och e Mount éischter deposéiert ginn.

D'Zil vum Rentenajustement ass, de Pouvoir d'achat vun de Pensionéierten un dee vun de Salariéen unzepassen, fir him eng analog Progressioun ze ginn, an zwar ausserhalb an zousätzlech vun den Indextranschen, déi während engem Joer erfale kënnen. Déi Pensionéiert ginn also net ausgeschloss, wann et zu enger Progressioun vum Pouvoir d'achat kënnt, ausgedréckt duerch eng Verbesserung vu Salaren, déi op eng deelweis Redistributioun vun de Gains de productivité zréck ze féieren ass.

De Gesetzesprojet baséiert op engem Artikel vum Code des Assurances sociales, wou virgesinn ass, dass d'Regierung all zwee Joer ënnersiche muss, ob et zu engem Rentenajustement muss kommen oder net.

Och dëst Joer waren an der Kommissioun d'Meenunge gedeelt, ob den Ajustement sou wéi bis elo all zwee Joer soll geholl ginn oder all Joer. Mir si majoritär der Meenung gewiescht, dass et nach soll bleiwen, wéi et bis elo gesetzlech virgesinn ass, mä am Kader vun der kommender Rentendiskussioun muss och dese Sujet mat abezu ginn.

Wat d'Methodologie vun de Berechnungen ubelaangt, ass just ze soen, dass déi am Laf vun de Joren ëmmer méi verfeinert ginn ass. Zënter dem 95er Ajustement hu sech d'Sozialpartner op verschidde Punkte gëeenegt, wéi zum Beispill d'Prise en compte vun de Gratificatiounen. Et gouf sech gëeenegt op d'Referenzpopulatioun vun 20 bis 65 Joer, mat abegraff och d'Salariée vum Secteur public. Et gouf sech och gëeenegt op de Cotisationsplaffong, deem elo läit bei siwemol de Mindestloun.

Den Indicateur ass haut e Mëttelstunneloun, dee fonnt gëtt duerch d'Divisioun vun der Masse salariale duerch d'Stonnenzuel, déi dëser Masse salariale entsprécht. D'Regierung huet dem Projet de loi e Rapport bäigeglegt, aus deem ervirgeet, dass et tëschent 1997 an 1999 zu enger Progressioun bei de Salairé vun 3,1 % kouw. Domat gëtt de Facteur Ajustement op den 1. Januar 2001 vun 1,219 op 1,257 erhéicht.

Fir d'Joer 2001 beleeft sech de Käschtepunkt vum Ajustement vun de Pensiounen op 1.940 Milliounen; an Euro ausgedréckt sinn dat der 48.091.343. Den Ajustement fir d'Rentes accident ass 120 Milliounen Frang, dovunner 1/3 zu Laaschte vum Stat an 2/3 vun der Assurance accident. Zu Laaschte vum Stat ass och nach een Deel vum Ajustement vun de Rentes accident vun der Section agricole. De Stat leet finalement 44 Milliounen bäi.

Heizou wëll ech nach soen, dass zënter dem Gesetz vum 8. Januar 1996 sech dëst Gesetz och op d'Fonctionnaire bezitt, soudass sech den Ajustement och op déi pensionéiert Statsbeamte bezitt. Hei gëtt de Käschtepunkt op 320 Milliounen geschätzt.

Mir hunn och nach driwwer diskutéiert, dass an der Method, wéi den Ajustement bestëmmt gëtt, der Kompensatioun vum Point indiciaire bei de Fonctionnaires net Rechnung gedroe gouf. Dat schéngt richtig esou, well vun 1995 bis 1999 wuel de Point indiciaire hei all Joer ëm ee Prozent gehéicht ginn ass, mä dësen Zousazprozent ass awer bestëmmt, fir déi järelech Augmentatioun vun hire Cotisatiounen ze kompenséieren. Et gëtt also richtegerweis nëmmen d'Nettoprogressioun vun de Salairé berücksichtegt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen nach kuerz op d'Avie vun de Beruffschamberen ze schwätzen. Mir haten d'Avie vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, vun der Privatbeamtechamber an och vun der Chambre de Commerce.